N°6614
Entrée le 04.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.08.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 487/2022
- 4 AOUT 2022
A traiter par:
Copie à:

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chambre des Députés**

Lëtzebuerg, den 04. August 2022

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro zu der GAP un den Här Landwirtschaftsminister weider ze leeden.

Fir d'Biodiversitéit an der Landwirtschaft ze färderen, soll ab 2023 en Mindestundeel vu 4% vun der landwirtschaftlecher Fläch vum Betrib fir net-produktiv Flächen, a weider Landschaftselementer wei Broochflächen, virgesi sinn, fir esou nach vun den Aiden am Kader vun der GAP-Reform ze profitéieren (GLÖZ-Standard 8: Biologische Vielfalt). D'Bauere mussen awer elo schonn d'Saatgut fir dat nächst Joer kafen a beim nächste Reen och schonn d'Wanterkulture séien.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un de Minister stellen:

- Wéini kréien d'Bauere matgedeelt ab wéi engem Datum di 4% Mindestundeel un net-produktive Flächen zielt, bzw. muss ëmgesat ginn?
- Wat geschitt am Fall, wou d'Kulturen elo geschwënn schonn ugeséint ginn, also nach dëst Joer, ier di nei Reegelung a Kraaft trëtt? Sinn hei Derogatioun'en oder aner Mesurë geplangt oder muss de Bauer an deem Fall 2023 ëmplouen?
- Gedenkt de Minister net, opgrond vun der aktueller Weltlag, di broochleeënd Ackerfläche kuerzfristeg a fir en definéierten Zäitraum ze notzen? Wann nee, firwat net?

Här President ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Marc Spautz

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6614 vun dem éierbaren Deputéierten Marc Spautz**

- **Wéini kréien d'Bauere matgedeelt, ab wéi engem Datum di 4% Mindestundeel un net-produktive Flächen zielen bzw. mussen ëmgesat ginn?**

Op Propositioun vum Landwirtschaftsminister huet d'Regierung den 5ten August 2022 decidéiert, d'Stilllegungsflicht fir 2023 ënnert verschiddene Konditiounen auszesetzen. Dee selwechten Dag ass eng entspriechend Kommunikatioun gemaach ginn. Eng weider Kommunikatioun betreffend déi technesch Ëmsetzungmodalitéiten ass den Dënschteg, den 9ten August gemaach ginn.

- **Wat geschitt am Fall, wou d'Kulturen elo geschwënn schonn ugeséint ginn, also nach dëst Joer, ier di nei Reegelung a Kraaft trëtt? Sinn hei Derogatiounen oder aner Mesurë geplangt oder muss de Bauer an deem Fall 2023 ëmplouen?**

Vu dass d'Modalitéiten iwwert d'Ëmsetzung bekannt sinn, stellt sech des Fro net.

- **Gedenkt de Minister net, opgrond vun der aktueller Weltlag, di broochleiend Ackerfläche kuerzfristeg a fir en definéierten Zäitraum ze notzen? Wann nee, firwat net?**

Mat der Decisioun vum 5ten August huet d'Regierung decidéiert, d'Stilllegungsflicht fir 2023 ënnert verschiddene Konditiounen auszesetzen. Soumat kënnen déi concernéiert Fläche fir 2023 zur Produktioun vu Liewensmëttel genotzt ginn.

Lëtzebuerg, den 10ten August 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN